



N°8014  
Entrée le 22.05.2023  
Chambre des Députés  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 22.05.2023

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/05/2023

Här President,

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun & Gesondheet weiderzeleeden.**

Den elektronische Carnet de vaccination (CVE) à jour ze halen ass fir den Dokter oder d'Doktesch am Moment relativ ëmständlech. Den Dokter oder d'Doktesch muss sech dofir ëmständlech aloggen, fir dann déi entspriechend Donnéeën manuell an ze ginn. Et gëtt vu Regierungssäit zënter Joren propagéiert, dass déi administrativ Demarche misste vereinfacht ginn, dëst och am Gesondheitsberäich, fir dass d'Doktere méi Zäit fir hir Patienten hunn. Den CVE informéiert den Assurée och per Noriicht doriwwer, dass eng Impfung fälleg ass. Den Assurée kritt awer net gesot, ëm wat fir eng Impfung et geet, respektiv am Fall wou et ëm e Kand vun enger Persoun geet, ëm wat fir eent vun de Kanner et sech handelt.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Firwat gëtt net mat engem API (Application Programming Interface) geschafft, wou d'Entwéckler vun de Logicielen déi haut well vun Dokteren agesat ginn kéinten automatiséiert ugeboune ginn?
2. Firwat gëtt den Assuréeën net direkt am Message doriwwer informéiert, ëm wat fir eng Impfung et geet?
3. Firwat gëtt den Assuréeën net direkt am Message doriwwer informéiert, ëm wat fir eent vu senger Kand et geet?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Deputéierten



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)